



E kleng Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespräch vun der Mme Hetto mat de Schüler an der École privée Sainte Anne zu Ettelbréck, 28.11.2012



De Mëttwoch den 28. November 2012 huet di 14. Editioun vum Mega on Tour eis an d'École Privée Ste Anne zu Ettelbreck gefouert, wou d'Mme Hetto-Gaasch ganz härzlech vun der Directrice, der Madame Augustin, empfaange gouf.

D'Madame Augustin huet d'Diskussiounsrönn mat ë puer Fakten iwwert d'École Privée Ste Anne ageleed an och kuerz iwwert hieren Projet « Staark Fraën» geschwaat esou wéi och iwwert den Projektdag vum 18.03.2013.

D'Madame Hetto ass op di grouss Aarbechtsberäicher vum Ministère agaan : Schoul a Beruff, Politik a Gesellschaft, Famill a Soziales.

Et wier tatsächlech nach ëmmer esou, dass nach zevill Jongen sech exklusiv fir technesch Beruffer interesséieren, wougéint een se net dacks genuch an den soziale Beruffer erëmfënnt. D'Meedercher géingen dogéint haaptsächlech sozial Carrièren aschloen an et géif een se kaum an technesch orientéierte Berufssparten erëmfannen. D'Aarbecht vum Ministère wier et an dësem Beräich awer, eppes un dëser Situatioun ze änneren, a sech anzesetzen fir dass an den ënnerschiddleche Secteuren ee gudden Mix u Fraen a Männer entsteet.

Meedercher gin leider dacks ënnerschat an trauen sech deemno net esou vill zou an et fehlt hinnen un Courage.

Dorobbs hin mengt eng Schülerin, dass net all Fra Responsabilitéit wëll iwwerhuelen an dass Fraën dacks nach doheem bleiwen, well sie manner verdingen wéi hieren Partner.

D'Madame Hetto erklärt dunn, dass den Ministère den Entreprises d'Méiglechkeet ubidd, unhand vun engem speziell entwéckelten Programm, dem "LOGIB" (Lohngleichheitsinstrument für Betriebe), ze kontrolléieren ob die eenzel Employé(e)s fir hier Qualifikatioun korrekt bezuelt gin.

Fir d'Gläichheet an de Betriber z'ënnerstëtzen, huet de Ministère och ee Programm ausgeschafft deen de Numm „Actions positives“ dréit. An deem Programm geet et drëms, dass Entreprise sech mat hirer interner Astellungs- a Lounpolitik befaassen. Dee Moment kuckt d'Entreprise zesumme mam Ministère mat wéienger Mesuren een d'Gläichheet bannent der Entreprise ka fuerderen.

Eng Schülerin proposeiert eng Art « Rollentausch », dass den Patron mol fir een Dag an séngem eegene Betrieb géif als Aarbechter mat schaffen, an esou kint gesin wat seng Aarbechter (innen) / Employé(e)n géifen Dag fir Dag leeschten.

Op d'Fro hien ween sech kinnt virstellen spéider säin eegene Betrib ze grënnen huet sech weider keng Studentin gemellt. D'Mme Hetto huet erklärt, dass aktuell nëmme ee Betrib vu fënnf vun enger Fra gegrënnt gett, an dass dat net géif duergoen.

D'Madame Hetto huet dunn d'Thema vun de Fraen an der Politik an hier Präsenz an der Politik opgegraff. Et kéint jo net sinn, dass just ë bësse méi wéi 20% vun de Wielerlëschte vu Frae besat wieren, wou d'Fraen dach gutt 50% vun der Bevölkerung ausmaachen. Deemzufolleg wier tatsächlech ee nach méi e groussen politeschen Engagement vun de Frae gefrot. An deem Zesammenhang huet d'Ministesch d'Schüler encouragéiert, sech mat Politik ze befaassen. A wann et och nëmme ass fir eppes an der eegener Gemeng ze bewierken.

Een anert Thema vum Volet Gesellschaft ass zum Beispill d'Analyse vun de Medien. Fir e méi positivt Bild vun der Fra a vum Mann erëmzeginn organiséiert de MEGA réigelméisseg Informatiounskampagnen, wéi zum Beispill „Bass du Mega“ fir di Jonk, oder Megafamily, eng Campagne déi d'Gläichheet an der Famill thématiséiert.

D'Mme Hetto huet d'Schülerinnen gefrot wat sie dann vu legale Quotereegelungen haalen, dorobbs hin eng Schülerin der Iwwerzeehung ass, dass Quoten d'Mentalitéit vun den Léit net géif änneren an dass eischer eng gutt Mixitéit wichteg wär fir erfollegräich ze schaffen.

En anert Thema zum Volet Gesellschaft ass d'Prostitutioun an wéi dëst Thema am Ausland géréiert gëtt. Vill Fraen prostituéieren sech einfach fir méi Geld ze verdingen. Dorënner sin och vill Studentinnen déi sech esou hieren Studium erméiglechen.



Zum Thema Famill a Soziales gehéiert och d'häuslech Gewalt. D'Mme Hetto-Gaasch huet kuerz d'Gesetz am Beräich vun der violence domestique beschriwwen an iwwerdeems erkläert, dass den Auteur vun Gewaltakten aus dem Haus ka verwisen ginn an dat fir 10 Deeg. Während dëser Zäit huet d'Affer Zäit sech bewusst ze ginn wei et ka weider goen. Et darf een Gewalt net einfach esou hinhuelen a scho guer net doheem wou een sech eigentlich soll sécher a gebuergen fillen. Die meescht Wegweisungen vun doheem geschéien den Weekend. Den Täter kann sech och hei zu Lëtzebuerg enger Täterbetreuung ënnerzéien, fir séng Gewaltbereitschaft an de Grëff ze kréien.

D'Mme Hetto erkläert weiderhin, dass et elo och eng Ulaflaatz fir Männer gëtt, dee sougenannten „infoMann“. Och de Männer kann et no enger Scheedung psychesch schlecht goen oder wann sie hier Aarbechtsplaatz verluer hun oder héich verschëllt sin.

No deene flotten Diskussiounen mat de Schülerinnen huet d'Ministesch nach eng Kéier härzlech merci gesot fir all d'Remarken vun de jonke Meedercher.

D'Madame Augustin huet nach ë Schlusswuert geschwat an hieren Gäscht an hieren Schülerinnen merci gesot fir déi flott an animéieren Gesprächsronn.